# De Fall Helene Hegemann

*D'Leipziger Buchmesse ass fir d'Literatur- a Medienbranche ee vun de wichtegste literaresche Rendez-vouse vum Fréijoer. No Frankfurt ass et déi zweet grouss Rentrée um Bicher-Maart. De Schwéierpunkt läit hei allerdéngs méi op der Promotioun vun Auteuren a Bicher, vun Nei-Publikatiounen an innovativen Trends um däitschsproochegen an europäesche Marché. Vum 18. Mäerz un trëfft sech nees alles wat Rang a Numm huet zu Leipzig. De Focus wäert dëst Joer besonnesch staark op déi 18 Joer jonk an extrem kontroverséiert Autorin Helene Hegemann geriicht sinn. De Shooting-Star vun der neier däitscher Literatur ass fir de Buchpräis nominéiert. Iwwer hir staark mediatiséiert Plagiat-Affär gouf bei engem virop männleche Literatur-Establishment am Virfeld well vill Tënt vergoss. Och de Claude Mangen mengt an der Kulturchronik hie misst säi Pefferkär bäileeën.*

Claude Mangen

Zanter 2005 well gëtt um éischten Dag vun der Leipziger Buchmesse e Präis verginn, deen ëmmerhi 45 000 Euro wäert ass. Eng 7-käppeg Jury noméiert a priméiert zu gläichen Deeler an de Kategorien Belletristik, Sachbuch, Essayistik an Iwwersetzung. Den Usproch vum Jury ass et, fir besonnesch däitschsproocheg Nei-Publikatiounen ze éieren. Niewend de Schrëftsteller Jan Faktor, Georg Klein, Lutz Seiler an der Anne Weber gouf also och déi jonk Autorin Helene Hegemann fir hire Roman *Axolotl Roadkill* proposéiert. E puer Wuert zur Virgeschicht.

Gebuer gouf d'Helene Hegemann 1992 zu Freiburg. Well hir Mamm gestuerwe war, koum si mat 13 Joer op Berlin bei hire Papp, den Theaterdramaturg Carl Hegemann. Vun elo u goung d'Helene ëmmer manner an d'Schoul, dofir méi dacks an den Theater. 2007 gouf hiert d'Stéck *Ariel 15* uropgefouert an d'Joer drop huet den Deutschlandfunk den Text als Hörspill diffuséiert. Parallel dozou huet d'Helene Hegemann un engem Roman geschriwwen, dee se enger Literaturagentin ze liese gouf. 6 renoméiert Verlagen hate sech fir d'Manuskript intresséiert – schliisslech huet den Ullstein Verlag d'Buch erausbruecht. Mat 14 Joer schonn hat si en Dréibuch verfaasst – wat am Januar 2009 ënner dem Titel *Torpedo* de Max-Ophüls-Präis krut. Enn Januar elo gouf mat vill Spannung hire Roman erwaart. De *Spiegel* hält sech net un den Embargo a rezenséiert d'Wierk virun der Publikatioun. 4 Deeg nom offizielle Verkaafsdatum war déi éischt Editioun vergraff a biswell goufen 100 000 Exemplarer vun *Axolotl Roadkill* verkaaft. Ufank Februar goufen et du Rumeure wéinst Plagiat: En Internet-Blogger hat Passagen aus eegenen Texter erëmkannt. Kuerz drop gëtt d'Helene Hegemann zou, dës Texter iwwer Drogenexzess an Technopartyen an hirem Roman verschafft ze hunn. De Jury vum Leipziger Buchpräis hält awer u senger Nominatioun fest an erklärt: *„Diese junge Frau ist unserer Auffassung nach extrem begabt."*

Am Roman *Axolotl Roadkill* erzielt d'Schrëftstellerin vum Liewen an enger Welt, déi sech vun alle Konventioune befreit huet. Amplaz géint dës Konventiounen ze rebelléieren, analyséiert d'Protagonistin am Buch déi gesellschaftlech Situatioun an där se lieft, den intellektuelle Milieu vum Papp mat sengen héichgestachenen Diskursen a probéiert an dësem vermuuschte Wuelstandsmief sech en eegent Liewen z'erfannen.

Déi selwecht Mediewelt, déi d'Helene Hegemann bis zur Plagiats-Affär als Wonnerkand an Heldin vun der Jugendkultur gefeiert hat – fällt elo iwwer déi jonk Schrëftstellerin hir.

**Wéi fräi duerf e Kënschtler mam Copyright ëmgoen, wou fänkt seng kënschtleresch Fräiheet un, a wou hält den Ëmgang mat frieme Material op – wéini schwätzt ee vu Plagiat?**

*De Claude Mangen ass Programmcoordinateur beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*




## Schéin Ouschterdeeg!

Domat huet de Roman menger Meenung no well ee vu sengen Zieler erreecht! Nämlech deen dacks iwwerhieflechen a sténklangweilege Literaturbetrieb provozéiert ze hunn. D'Iris Radisch beschreift dëst an hirem *ZEIT*-Feuilleton vum 18. Februar esou: *„Plötzlich ist Helene Hegemann kein Spielball mehr fürs kulturelle Frauenförderprogramm. Plötzlich ist sie ein böses Mädchen, das in einen Hochsicherheitstrakt eingebrochen ist. Damit wird sie zum Fall für das leitende Herrenfeuilleton, das sich aufführt wie die Kirchenväter, die ein besonders perfides junges Weibsstück der Hexerei überführt haben."* Wann ee sech verschidde Kommentären ukuckt, bréngt dat d'Saach op de Punkt.

De Fall Helene Hegemann geet fir mech nach méi wäit, wéi datt selwer ernannte Literaturpäpst d'Mitra an d'Stier gerëtscht ass. D'Helene Hegemann definéiert de Begrëff vum Droit d'Auteur anescht an nei. Den Urheber ass deen, deen der Ëffentlechkeet d'Material liwwert. D'Hegemann verdeedegt hir Methode a seet: *„Ich komme aus einem Bereich* (gemengt ass den Theater)*, in dem man auch an das Schreiben von einem Roman eher regiemäßig drangeht, sich also überall bedient, wo man Inspiration findet. Originalität gibt's sowieso nicht, nur Echtheit."* Am däitschen Theaterbetrieb ass de Begrëff vum Auteur laang well en aneren wéi am Literaturbetrieb. Deen e Stéck schreift liwwert dem Regisseur Text-Material aus deem dësen dann dat eraushëlt, wat fir hie spannend an intressant ass. Christoph Marthaler oder Frank Castof sinn heivir gutt Beispiller. Fir verschidde Kritiker huet d'Helene Hegemann aus deem, wat se geklaut huet, eppes literaresch Besseres gemaacht. Duerf een dat domat entschëllegen?

Déi jonk Helene Hegemann huet an Zäite vun Internet, Google a Wikipedia Froen opgeworf, op déi mer a mengen Aen mat vläicht iwwerlieften Äntwerten reagéieren: Wéi fräi duerf e Kënschtler mam Copyright ëmgoen, wou fänkt seng kënschtleresch Fräiheet un, a wou hält den Ëmgang mat frieme Material op – wéini schwätzt ee vu Plagiat? D'Hegemann huet sech vum korrekte Wee an der Konscht lass gesot, fir biswell op gewinnten illegal Pied ze trëppelen. Ass si an enger Sakgaass oder weist si en neie Wee? – et wier derwäert, driwwer nozedenken. ◆

*Kulturchronik vum 9.3.2010*

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Kyra Fischbach, Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Volker Beba, Patrick Dondelinger, Georges Hellinghausen, André Humbert, Thomas Köhl, Patrick Kränipî Godar, Hans Küng, Pierre Lorang, Claude Mangen, Pia Oppel, Tom Oswald, Michel Pauly, Sophie Rodesch, Francesco Sarracino, Joss Scheer, Klaus Schneider, Jürgen Stoldt, Vincent Theis, Gianna Thommes, Daniel Throehler

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Tania Naskandy, Henri Wagener

**Originalillustrationen**
Olivier John, Carlo Schmitz

**Cover** © twicepix - flickr.com

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2010 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das
*forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture für die finanzielle Unterstützung.

**1, rue Mohrfels**
**L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**